ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6282
Reçue le 01.06.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.06.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Landwirtschaftminister weiderzeleeden.

Zu dëser Joreszäit ginn an der Landwirtschaft massiv Wise geméit. Dobäi kënnt et ëmmer nees zu ganz trauregen Zeenen, wou Réikitzen den Traktere mat de Méimaschinnen zum Affer falen. Rezent ass et et am Raum Jonglënster zu sou engem dramateschen Tëschefall komm wou gläich 8 Réikitze reegelrecht zerrappt gi sinn. E puer waren direkt dout, anerer déi trotz ofgetrennte Glidder nach gelieft hunn, hu misse vu Jeeër erléist ginn. An Däitschland ass et esou datt de Bauer dem betraffene Juegdpäschter Bescheed muss soen, éier en eng Wiss mam Trakter méit. Hei zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall. Däi däitsch Regierung stellt dann der Jeeërschaft esouguer 3 Milliounen Euro zur Dispositioun fir Drone mat Wärmekameraen anzesetze fir de Baueren d'Kitze mellen ze kënnen

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech datt et hei zu Lëtzebuerg keng kloer Reegele gëtt fir ze verhënneren datt all Joer honnerte Kitzen op des grausam Aart a Weis stierwe mussen?
2. Ass et vun der Naturverwaltung villäicht esouguer gewollt fir an dëser Saach keng Reegelen anzeféieren, dat mam Argument datt et souwisou schonn eng Iwwerpopulatioun vun de Réi gëtt?
3. Vill Baueren a Jeeër am Land ass d'Problematik bekannt, déi schaffen och schonn zesummen, an hunn sech Wärmebildkameraen ugeschaaft fir, virum Méinen, mat Dronen iwwer d'Wisen ze fléien. Missten dofir fir Leit déi des, fir Kitze liewensrettend Mesuren, scho praktizéieren, direkt finanziell Hëllefe gëllen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6282 vum 1. Juni 2022 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert "Accidents avec des faons lors des travaux de fauchage"**

**Wéi ass et méiglech datt et hei zu Lëtzebuerg keng kloer Reegele gëtt fir ze verhënneren datt all Joer honnerte Kitzen op dës grausam Aart a Weis stierwe mussen?**

Iwwert déi vum éierewäerten Deputéierten avancéiert Zuel zu "honnerte Kitzen" ka keng Positioun bezu ginn. D'Naturverwaltung (ANF), respektiv aner staatlech Verwaltungen hu keng Informatiounen doriwwer, wéi vill Réikitzen an aner Déieren all Joer duerch landwirtschaftlech Aktivitéite blesséiert ginn oder stierwen. Dobäi sief och vermierkt, datt net just den Nowues vum Réi duerch Maschinne wärend dem Schnatt zu Schued kënnt oder stierft, mee och aner Déieren- a Planzenaarten (buedembréiend Vullen, spéitbléiend Planzen an divers Insektenaarten) dovu betraff sinn.

Kloer Reegelen zum Thema gëtt et zu Lëtzebuerg net. Allerdéngs gëtt et awer ee virbildlecht Déiereschutzgesetz, sou wéi een Naturschutzgesetz, déi an hiren Dispositiounen dës Thematik indirekt mat couvréieren:

<u>Loi du 27 juin 2018 sur la protection des animaux.</u>

Art. 1er. Objectif

*« […] Il est interdit à quiconque sans nécessité de tuer ou de faire tuer un animal, de lui causer ou de lui faire causer des douleurs, des souffrances, des angoisses, des dommages ou des lésions. […] »*

<u>Loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles.</u>

Art. 19. Interdictions d'atteintes aux espèces animales sauvages

*« Sont interdites toutes exploitation, utilisation, mutilation ou destruction non justifiées d'espèces animales sauvages. Toute manipulation d'individus de ces espèces doit se faire dans des conditions conformes aux impératifs biologiques de leur espèce et au respect de leur bien-être. […] »*

Art. 21. Dispositions visant les espèces animales protégées particulièrement

*« (1) Concernant les espèces animales intégralement protégées en supplément des interdictions prévues à l'article 19, il est interdit : […]*

*2° de perturber intentionnellement des individus de telles espèces, notamment durant les périodes de reproduction, de dépendance, d'hibernation et de migration ; […]*

*4° de détériorer ou de détruire leurs sites de reproduction ou leurs aires de repos ; […] »*

**Ass et vun der Naturverwaltung villäicht esouguer gewollt fir an dëser Saach keng Reegelen anzeféieren, dat mam Argument datt et souwisou schonn eng Iwwerpopulatioun vun de Réi gëtt?**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an d'ANF hunn ëmmer fir méi ee spéit Méien am Joer plaidéiert, dëst fir d'Aartevielfalt ze schützen. Dorënner fale selbstverständlech, nieft ville buedembréiende Vullen, souwéi spéit bléiende Planzen an deenen drop ugewisenen Insekten, och d'Réikitz. Am sougenannte Biodiversitéitsreglement (*Règlement grand-ducal du 11 septembre 2017 instituant un ensemble de régimes*

*d'aides pour la sauvegarde de la diversité biologique en milieu rural*) ginn extra Programmen definéiert, fir de Baueren e Subside ze bezuelen, fir méi spéit ze méien.

**Vill Baueren a Jeeër am Land ass d'Problematik bekannt, déi schaffen och schonn zesummen an hunn sech Wärmebildkameraen uegschaaft fir, virum méinen, mat Drohnen iwwert d'Wisen ze fléien. Missten do fir Leit déi dës, fir Kitze liewensrettend Mesuren, schon praktizéieren, direkt finanziell Hëllef gëllen?**

Effektiv gëtt et esou technesch Léisungen. Déi am mannsten opwänneg Method ass awer, den éischte Schnatt vum Joer esou spéit wéi méiglech ze maachen, dovunner profitéiert d'Natur insgesamt. Dann ass nämlech eng méi grouss Unzuel un Déieren- a Planzenaarte kapabel fir hieren natierlechen Zyklus duerchzeféieren a sou vun dëser Moossnam ze profitéieren. Notamment Réikitzen an aner Déierenaarte si scho méi grouss, respektiv d'Planzenaarte kinnte fäerdeg bléien an aussomen. Wéi an der 2. Äntwert erwäänt, ginn et fir ee spéiden éischte Schnatt finanziell Ureizer.

Aktuell ginn et keng finanziell Hëllefe fir Drohne mat Wärmebildkameraen.

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung